n° 3784

Lëtzebuerg, den 5. Mäerz 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

« Et ass mer zu Ouere komm, dass d'Max-Goergen-Haus zu Wëlwerwolz, dat dem Staat gehéiert an denkmalgeschützt ass, aktuell eidel steet.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen :

- *Wat sinn d'Ursaache firwat dat Haus bis ewell keng nei Destinatioun fonnt huet ?*
- *Musse Restauratiounsaarbechten duerchgefouert ginn ? Wa jo, goufen déi schonn evaluéiert ? Wat ass d'Positioun vu Sites et Monuments an deem Kontext ?*
- *Wat fir Projete ware scho mol ugeduecht ginn, hunn awer missen annuléiert ginn ?*
- *Wier et eventuell méiglech eng Wunneng an dësem Haus ze schafen, wann et net fir aner Zwecker (kultureller, edukativer, etc.) genotzt ka ginn ?*
- *Gouf et an deem Sënn scho Gespréicher mam Logementsministère ? »*

Mat héifleche Gréiss,

André BAULER
Deputéierten

Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, der Madamm Sam Tanson, Kulturministesch, dem Här Pierre Gramegna, Finanzminister, an dem Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3784 vum 5. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierten André Bauler betreffend d'Max-Goergen-Haus zu Wëlwerwolz

1. Fro : Wat sinn d'Ursaache firwat dat Haus bis ewell keng nei Destinatioun fonnt huet?

Déi initial Iddi vum Educatiounsministère war et, fir an Zesummenaarbecht mam Clierfer Lycée ee Pilotprojet ze starte mam Numm „Verhalen, Testen an Trainéieren". Zil war et, fir Schüler tëschent 11 a 15 Joer, déi esouwuel sozio-emotional, wéi och schoulesch Problemer opweisen, opzefänken an hinnen no engem bis zwee Joer erëm een Uschloss un déi traditionell Schoul ze erméiglechen. No enger Analys duerch d'Bauteverwaltung ass een awer zur Conclusioun komm, datt d'Käschte fir d'Ëmbauaarbechte vum Max-Goergen-Haus ze héich wieren, fir esou ee Projet op där Platz ze realiséieren.

Analyse vun der Bauteverwaltung hunn och erginn, datt dëst Gebai fir eng Bürosnotzung net konform ass mam "Règlement grand-ducal modifié du 13 juin 1979 concernant les directives en matière de sécurité dans la Fonction publique". Sou sinn zum Beispill d'Raim an d'Trapenhaiser ze niddreg an och ze enk.

2. Fro : Musse Restauratiounsaarbechten duerchgefouert ginn? Wa jo, goufen déi schonn évalueiert? Wat ass d'Positioun vu Sites et Monuments an deem Kontext?

Bei der Geleeënheet vu Reuniounen op der Plaz, a Presenz vun de Responsabele vum Service vun der Securitéit am ëffentlechen Déngscht, dem Service des sites et monuments nationaux an der Bauteverwaltung, ass engersäits op d'Problematik vun der Non-Konformitéit, an anersäits op den Erhalt vun der bestoender Struktur higewisen ginn. Dës zwou Ufuerderunge stinn sech an dësem konkrete Fall géigeniwwer, sou dat d'Conclusioun gezu gouf, datt eng Notzung als Bürosfläch weder der Securitéit am ëffentlechen Déngscht nach dem Denkmalschutz kéint gerecht ginn.

3. Fro : Wat fir Projete ware scho mol ugeduecht ginn, hunn awer missen annuléiert ginn?

Eng Bürosnotzung komplementar zum neie Lycée Edward Steichen war ugeduecht an analyséiert ginn.

4. Fro : Wier et eventuell méiglech eng Wunneng an dësem Haus ze schafen, wann et net fir aner Zwecker (kultureller, edukativer, etc.) genotzt ka ginn?

Jo, dës Méiglechkeet kéint bestoen.

5. Fro : Gouf et an deem Sënn scho Gespréicher mam Logementsministère?

An dësem Sënn goufen et scho Gespréicher mat Acteuren di an dësem Secteur täteg sinn.